



1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 15.03.2021

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

**1840** - Demande de pétition publique : *Embauche des travailleurs - Travail clandestin et illégal*

Dépôt : Gustavo Adolfo Strassener, le 15.03.2021

**1841** - Demande de pétition publique : *Prüfungen duerch Portfolioen oder Projeten an den Lycéén (Secondaire) ersetzen*

Dépôt : Shona Hye Yun Meyer, le 15.03.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Institution d'une sous-commission

D'aussepolitesch Kommissioun huet a hirer Reunioun vum 15. Mäerz a laut dem Artikel 25 Paragraph 2 vun eisem Chambersreglement decidéiert, d'Sous-commission « Avenir de l'Europe » ze grënnen. Dës Souskommissioun ass zesummegeallt aus dem Här Claude Wiseler, dem Här Gusty Graass, dem Här Yves Cruchten, der Madamm Stéphanie Empain, dem Här Fernand Kartheiser, dem Här David Wagner an dem Här Sven Clement.

(Brouhaha)

### 4. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, sou wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. D'aussepolitesch Kommissioun proposéiert fir de Projet de loi 7770 e Modell 1 amplaz vum Basismodell, dee virgesinn ass. Ass d'Chamber mat dëser Proposition a mam ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 5. Dépôt d'une motion par M. David Wagner

Da géif ech d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner gi fir den Depot vun enger Motioun. Här David Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. David Wagner** (déi Lénk), auteur.- Merci, Här President. Ech wollt am Numm vun déi Lénk eng Motioun presentéieren. Wéi Der wësst, ass d'Mediakommissioun zurzäit amgaangen, un de Projet-de-loien, u sech souguer an der Schlussphas vum Projet de loi iwwert d'Reform vum Pressehëllefsgesetz, ze schaffen. Et ass scho vill geschafft ginn, vill diskutéiert ginn. Ech sinn zwar net do Member, mee ech gi geleentlech emol dohinner, well et eis och interesséiert.

Am Kontext vun där Diskussioun ass, wéi Der wësst, och ganz oft d'Fro opgeworf gi vun de sougenannte Médias citoyens, „Communitymedien“, wéi déi genannt ginn. Doriwwer hu mer och vill an der Kommissioun diskutéiert, fir iwwert d'Opportunitéit ze schwätze vun de Communitymedien am Kontext vun deem Projet de loi, deem an der Diskussioun ass.

Wéi Der och wësst: Mir haten dat jo och schonn hei an der Chamber, mir haten och Hearinge mat Vertrieder vun deene radiophonesche Medie wéi „Radio ARA“ an anere lokale Radioen, déi eis och hir Doleancé presentéiert hunn. An déi Doleancen, déi ginn u sech an déi Richtung, fir ze soen, datt mer zu Lëtzebuerg - genau esou wéi a ganz villen aneren europäesche Länner a wéi dat och de Recommendation vun enger Resolution vum Europaparlament entsprécht an och deem, wat d'UNESCO seet - esou e gesetzleche Kader bräichten, dee spezifesch wier fir d'Communitymedien an deem dofir géif suergen, datt déi sech och kënnen entfalten.

Et gétt iwwer d'Médias citoyens am aktuelle Projet de loi geschwat. Et betrëfft déi geschriwwen Press, an do ass och de Problem, datt an eisen Aen an och an den Ae vun de Vertrieder vun deene Medien u sech eng Konfusioun besteet: Neen, et geet net drëms, eng Differenz ze maachen tëschent radiophoneschen oder audiovisuelle Medien, déi citoyens wieren, engersäits, an deene geschriwwenen anersäits. Et misst een u sech e richteg gesetzleche Rahmen hunn, well déi eng ganz aner Finalitéit hunn.

Hir Finalitéit besteet doranner, u sech enger gewësser Partie vu Leit, déi soss keen Accès zu Medien hunn, deem Accès ze ginn: sief et Organisatiounen, ONGen, och national Communautéiten, déi hei am Land liewen, déi eng aner Sprooch schwätzen, jee, eeben deenen den Accès ginn, fir sech kënnen auszredrecken, an anersäits och ville jonke Leit d'Méiglechkeet kënnen ze ginn, fir sech ze bilden, wat se och oft maachen. A ganz oft hu Leit do ugefaangen an duerno si se a professionelle Medien

ënnerkomm. Et ass u sech eng gratis Formatioun, wann een esou wëllt soen.

Also si leeschten immens vill fir d'Gesellschaft, an der Pandemie hu se immens vill gelescht. Si hunn u sech jo och verschidde Sendunge gehat, wéi „Radio ARA“ zum Beispill, an deene verschiddenste Sproochen, op Arabesch, Farsi, Russesch et cetera, fir eeben och déi Leit, déi net onbedéngt eng vun eisen dräi Sprooche gutt maîtreséieren, kënnen doriwwer ze informéieren, wat lass ass - wat immens wichteg ass.

Dir wësst, datt si natierlech och mat ville Problemer konfrontéiert goufen, och finanzieller Natur. A si sinn elo an enger prekärer Situatioun. Souwäit ech weess, gouf och elo zum Beispill eng Konventioun mat „Radio ARA“ ofgeschloss, mee de Problem ass deen, datt ee muss e richteg gesetzleche Kader hunn, dee perenne ass an deem all deene Mediekloer Reegele gëtt, wéi se solle fonctionéieren, an datt och de Staat dofir muss suergen, datt een hinnen hëllef, sech och ze entfalten, ouni sech permanent all puer Joer musse Gedanken ze maachen, ob et esou ka weidergoen oder net, ob se mussen zidderen, ob se weider wäerte bestoen oder net.

Voilà, dat gesot wëlte mer dofir déi heite Motioun deposéieren. Mir wiere frou, wann ee se och kéint diskutéieren. Mir wieren natierlech frou, wa se kéint ugeholl ginn. Déi heite Motion, déi géif dann d'Regierung oproufen, e spezifesch gesetzleche Kader ze schafe fir déi Communitymedien, sou wéi dat a ganz ville Länner an der Europäescher Unioun de Fall ass, ugefaange mat eisen Nopeschlänner.

Voilà! Ech wëllt dat heiten dann emol deposéieren.

Motion

La Chambre des Députés,

- *considérant la résolution du Parlement européen sur le pluralisme et la liberté des médias dans l'Union européenne 2017/2209 (INI) invitant les États membres à prendre des mesures appropriées, comprenant la garantie d'un financement public adapté, pour protéger et promouvoir le pluralisme, l'indépendance et la liberté du paysage médiatique au service d'une société démocratique, y compris l'indépendance et la pérennité des médias de service public et des médias associatifs, dont les médias communautaires, qui sont des éléments clés d'un environnement favorable à la garantie du droit fondamental à la liberté d'expression et d'information ;*

- *considérant que l'Unesco estime que les médias« à vocation communautaire » sont des garants du pluralisme des médias, de la diversité de leur contenu et de la représentation de divers intérêts et groupes sociaux ;*

- *considérant que les médias citoyens permettent d'instaurer un libre dialogue et offrent une tribune aux sans-voix ;*

- *considérant qu'ils ont pour fondements les principes de la prise de parole publique et de la mise en commun des expériences et de l'information ;*

- *considérant la vocation des médias citoyens à contribuer au pluralisme des médias, des sources d'information, et de la représentation de divers intérêts et groupes sociaux ;*

- *considérant l'apport des médias citoyens à l'éducation aux médias ainsi qu'à l'inclusion et la cohésion sociale ;*

- *considérant la priorité qu'accorde le Gouvernement au pluralisme des médias ;*

- *considérant la mission spécifique des médias citoyens ;*

- *considérant que les médias citoyens n'ont pas leur place dans une loi régissant les médias traditionnels,*

*invite le Gouvernement*

- *à créer un cadre légal spécifique pour les médias citoyens qui promeut le développement des médias citoyens au Luxembourg.*

(s.) David Wagner, Marc Baum.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

### 6. Question élargie n° 82 de M. André Bauler relative à la responsabilisation des acteurs intervenant dans les chaînes de production les plus diverses

Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut ass déi erweidert Fro Nummer 82 vum Här André Bauler iwwert d'Verantwortung vun den Acteuren an de verschiddene Produktionsketten, déi do intervenéieren. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här André Bauler Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler (DP).**- Här President, léif alleguer, den 12. Februar 2021 huet déi däitsch Bun-

desregierung ugekënnegt, datt se e sougenannt „Lieferkettengesetz“ op den Instanzewee schécke wëilt.

Den Zweck vun dësem Gesetz ass et, fir e sougenannt Devoir de vigilance anzeféieren. Méi genee heescht dat, datt d'Betribler méi staark an d'Verantwortung geholl ginn, andeems se verpflichtet ginn, opzepasst, datt d'Mënscherechter an déi sozial Rechter an hirer oder hire Liwwerkette respektéiert ginn.

Déi däitsch Entreprisé sollen also dozou verpflichtet ginn, sécherzestellen, datt virun allem d'Aarbechtsbedingung respektéiert ginn, an zwar net nëmmen déi vun hiren eegene Mataarbechter, mee awer och d'Rechter vun de Leit, déi bei hiren direkten Zouliwwer schaffen. An datt op dësem Plang Handlungsbedarf besteet, dat wësse mer scho laang. Denke mer nëmmen un de schëtzen Ofbau vun Holz an der Amazonasregioun oder och nach un déi mënschenonwierdeg Zoustänn an de Kobaltminen am Kongo. Nach viru Kuerzem huet déi éffentlechtelech däitsch Televisiounschaïne ZDF, déi en exzellente Ruff an der Mediawelt genéisst, eng äusserst nodenklech Dokumentatioun ënnert ënnert dem Titel „Saubere Autos, schmutzige Batterien - Kobaltabbau im Kongo“ gewisen.

Wien een Elektroauto keeft, wëllt jo u sech e gudden Auto kafen, mierkt dann awer, datt duerfir Kobalt gebraucht gëtt. Den ZDF schreift op senger Homepage an der Virstellung vum Dokumentationsfilm: „Das menschliche Leid, das im Abbau dieses begehrten Rohstoffes steckt, ist den wenigsten bekannt. Der Film zeigt das Bemühen der europäischen Autoindustrie, saubere Lieferketten nachzuweisen, und dokumentiert in den Kobalt-Minen im Kongo, dass das unmöglich ist.“

Iwwregens schreift de Mouvéco am Februar: „Ein E-Fahrzeug ist nicht per se positiv. Ein zu schweres Fahrzeug reduziert z. B. die Energieeffizienz und fordert zugleich einen erhöhten Ressourceneinsatz, so dass die Ökobilanz bei diesen Fahrzeugen weit aus weniger positiv ausfällt“, sou de Mouvement écologique.

Komme mer zu de Liwwerketten zrëck: Hei zu Lëtzebuerg appelléieren zanter enger Rei Joren och scho verschidden ONGen, Gewerkschaften, awer och Deputéiert wéi eise Kolleg Gusty Graas, fir en Devoir de vigilance anzeféieren. Ech wëll do virun allem seng Ried iwwert d'Kooperatioun vun 2019 ernimmen, an där hien e Plädoyer an dësem Sënn gemaach huet an ënner anerem op d'Aarbechten um Niveau vun der UNO an awer och op d'Regierungserklärung hei zu Lëtzebuerg agaange war.

An dësem Zusammenhang wëllt ech dem Här Wirtschafts- a Kooperationsminister folgend Froe stellen:

Kann den Här Minister eis en Iwwerbléck iwwert d'Beméiunge ginn, déi zu Lëtzebuerg vun de verschiddene Wirtschaftsacteuren am Hibleck op d'Anale vun de Mënschen- a Sozialrechter an de Liwwerkette vun eise Betribler ënnerholl ginn? Kann den Här Minister Beispiller vu Lëtzebuerger Betribler nennen, déi sech un dëse Beméiunge bedeelegen?

Ass den Här Minister der Usicht, datt et wëschenswäert wier, jo, souguer noutwendeg, fir iwwer generell Prinzippien an dësem Kontext nozedenken, déi zu Lëtzebuerg an dësem Beräich agehale missten oder kéinte ginn? Wa jo, wier de Minister souguer der Meinung, datt eng änlech gesetzlech Basis ausgeschafft sollt gi wéi déi, déi an Däitschland kierzlech vum Aarbechtsminister, vum Wirtschaftsminister a vum Kooperationsminister ugekënnegt gouf? Änlech Gesetzer gëtt et mëttlerweil jo och, wéi ech opmierksam gemaach gi sinn, an den Niederlanden - an „Holland“, wéi mir Lëtzebuerger soen - an a Frankräich. Wat wieren d'Opportunitéiten, awer och d'Grenze vun esou enger Approche?

Ech soen dem Här Minister villmools Merci fir d'Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här André Bauler. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschafts- a Kooperationsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Och merci dem Änder Bauler fir déi Fro hei zu engem Theema, dat mer effektiv ganz besonnesch um Häerz läit, an dat souwuel mat menger Kap als Wirtschaftsminister wéi och als Kooperationsminister.

Vläicht als Introductioun zu der éischter Fro - Wat fir Efforte gi gemaach hei zu Lëtzebuerg vun den Acteuren aus der Ekonomie, mee awer och vun der Regierung, fir an deem Beräich vum Devoir de vigilance do widerzekommen? -, do kann ech vläicht drun erënneren, dass et do e Comité interministériel gëtt ënnert dem Leadership vum Ausseministère, dee säit enger Partie Joren all déi Efforten do koordinéiert an där Matière, souwuel um Niveau vun der Regierung, mee och an Zesummenaarbecht mat den ONGen, mat der Zivillgesellschaft, mat de Gewerkschaften, déi, wéi Der richteg erënnert hutt, jo effektiv ganz aktiv sinn an deem Beräich vun de Mëscherechter an de Liwwerketten.

Dat ass e Komitee, deem bis elo zwee Plans d'action nationaux ausgeschafft huet. Den éischte Plan d'action national, deem ass vum 2018, an en zweete Plan d'action national ass Enn Dezember 2019 adoptéiert ginn. De Contenu kënn Der um Site vum Ausseministère consultéieren. Do gëtt et och en dediéierten Internetsite, deem all déi Evenementer rekapituléiert, déi do stattfonnt hunn an deem Kontext.

Dat Ganzt ass natierlech ausgaange vun de Principes directeurs vun der UNO, vum Haut-Commissariat aux droits de l'homme vun der UNO vun 2011, jo, deemools a Reaktioun op eng Partie Skandalen, wéi déi vun de Bhopal-Gasminen am Bhopal, mee och den Nike-Konditiounen, vun der Kanneraarbecht aus den 90er-Joren, an doropshi goufen u sech déi Principe-directeurs do adoptéiert.

Déi Principe-directeure vun 2011 ginn, wéi gesot, vun der Regierung ënnert der Koordination vun deem Comité interministériel ëmgësat. Ech mengen, et géif eis ze wäit féieren, fir elo hei wierklech am Detail op dee Plan d'action national anzegoen, op déi zwee, mee do sinn eng ganz Rei Saachen dran, eng ganz Rei Aktiounen, sief et an der Sensibilisation, sief et och an de Formatiounen, mee awer och natierlech, wéi déi Prinzippien do konkret an den Entreprisé sollen ugewannt ginn. Do sinn effektiv Efforts de sensibilisation gemaach ginn, Konferenze sinn organiséiert ginn, souwuel vum Ausseministère wéi och vum Wirtschaftsministère, zweemol am Joer 2019.

Ech konnt och rezent, zesumme mam INDR (ndlr: Institut national pour le développement durable et la responsabilité sociale des entreprises) - dee jo den Organismus ass bei der UEL, dee sech ëm déi ganz ESR bekëmmert, Entreprise socialement responsable - viru Kuerzem am Oktober 2020 den neie Guide presentéieren, den neie Guide ESR vum INDR. Deen ass zesumme mat den Haaptacteuren am Beräich vun der RSE (ndlr: Responsabilité sociale des entreprises) developpéiert ginn an ass wierklech e formidable Instrument, dat den Entreprises och wierklech hëllef, sech fit ze maache par rapport zu hiren Obligatiounen am Beräich vun deem Devoir de vigilance, an eeben och méi resilient ze ginn an all déi ganz gesellschaftlech an och ëmweltlech Attenten do besser ze geréieren.

An ech kann lech soen - well ech och diskutéiert hu mam INDR an och ëmmer erëm mam UEL doriwwer diskutéieren -, dass dat wierklech eppes ass, wou d'Entreprises haut ëmmer méi sensibel drop sinn, an dass et net méi just drëm geet, fir e bëssen, jo, Mëscherechtsfassadismus ze maachen, mee dass et wierklech drëm geet, all déi Prinzippien do an hir Entreprises ze integréieren am Beräich vun de Mëscherechter, mee och am Beräich vun de Sozialrechter vun hire Kollaborateuren.

Et gëtt och do e Pacte national „Entreprises et droits de l'homme“, deem amgaangen ass, do en place gesat ze ginn, wou Entrepreneuren an Dirgeanté vun Entreprisé sech engagéieren - allerdéngs natierlech ëmmer nach op enger volontäirer Base, mee sech ëmmerhin engagéieren -, fir d'Mëscherechter respektéieren ze doen op all Niveau vun hire Chaîne-de-valeuren an der Produktioun vun hirem Betrib.

Mir hunn och, mengen ech ... Fir komplett ze sinn, muss een och nach eng Kéier déi Etüd mentionéiere vun der Dokter Başak Bağlayan vun der Uni Lëtzebuerg, déi do eng Etüd geschriwwen huet, „Mapping the Business and Human Rights Landscape in Luxembourg“, déi am Oktober 2019 verëffentlecht ginn ass an déi och disponibel ass um Site vun der Regierung a vun der Uni. An Dir wësst, dass do och eng zweet Etüd amgaangen ass - ech kommen do nach eng Kéier kuerz zum Schluss drop ze schwätzen, fir eeben och méi spezifesch iwwert d'Opportunitéit vun enger Lëtzebuerger Legislatioun nozedenken.

Är zweet Fro, Här Bauler, ass u sech, ob ech do e puer Beispiller ka gi vun Entreprises, déi an där Demarche engagéiert sinn. Bon, Dir verstitt, dass ech lech elo keng Beispiller vun eenzelnen Entreprisé ka ginn. Ech kann lech just soen: Zum Beispill eis Lëtzebuerger Post, bei där ech geschter nach war, huet eng ganz déifgräifend RSE bei sech am Betrib, eng Strategie RSE, déi wierklech an all Beräicher erageet, sief et d'Formatioun vun hire Mataarbechter, awer och den Dateschutz, wéi natierlech och den Environnement an d'Bestriewung, CO<sub>2</sub>-neutral ze ginn. An dat ass ee Beispill vun enger grousser Lëtzebuerger Entreprise, déi wierklech déi Prinzippien do interioriséiert huet an elo och op all Niveau applizéiert.

Beim INDR, Dir wësst, dass et do e Label ESR gëtt, dee vun der UEL a vum INDR attribuéiert gëtt. Do gëtt et eng 194 Entreprises, déi deem elo schonn hunn. Ech weess, dass et do ganz vill méi Entreprisé gëtt, déi do Formatiounen mathuelen, déi an där Demarche do dra sinn, déi de Label u sech nach net tel quel hunn, mee déi wierklech och amgaange sinn, sech ze engagéieren, fir dee Label do ze kréien oder fir op d'mannst och ëmmer méi déi Principe-directeurs vun der UNO, awer och vun der